# REVUE DE PRESSE
# Saison 2025/26

Kammerata Luxembourg



*©Bohumil Kostohryz*

opus 100,7

03.09.2025

Link : Lëtzebuerger Ensembel spillt um Konz Musik Festival

40 JOER KAMMERATA

03.09.2025 - 06h00

# Lëtzebuerger Ensembel spillt um Konz Musik Festival

**Dëst Joer feiert d'Kammerata Luxembourg hieren 40ten Gebuertsdag. D'Iddi dohannert: e Veräi grënnen deen un dem Arnold Schönberg säin 'Veräin für musikalische Privataufführungen' soll uknäppen.**

1 min | 7 min



*Kammerata Luxembourg (Foto: Bohumil Kostohryz)*

D'Kammerata Luxembourg steet zanter 40 Joer fir d'Promouvéiere vun der Kammermusek. Dobäi ass et de Museker:inne besonnesch wichteg déi zäitgenëssesch Musek erëm méi an de Vierdergrond ze réckelen. Zanter hirer Grënnung hunn si zum Beispill 13 Wierker fir den Ensembel schreiwe gelooss, an dat vu Komponisten déi alleguer op déi eng oder aner Aart a Weis eng Verbindung mat Lëtzebuerg hunn. Mee net nëmmen hei am Land kann een e Concert vun der Kammerata lauschtere goen, si sinn nämlech och am Ausland aktiv. De leschte Sonnden 31. August huet d'Kammerata zum Saison-Optakt e Concert um Konz Musik Festival gespillt. Um Programm stoungen do Wierker vum Arnold Schönberg a vum Olivier Messiaen.

D'Geiistin a Präsidentin Sandrine Cantoreggi an d'Pianistin Béatrice Rauchs hunn sech mam Carole Mallinger-Leyers iwwert dësen Optakt-Concert vun hirer 40ter Saison ënnerhalen.

De ganze Programm vun der neier Saison vun der Kammerata Luxembourg fannt Dir hei.

Lauschteren ▶

Auteuren
Carole Mallinger-Leyers

Kammerata Luxembourg

opus 100,7

25.09.2025

Link : Jules Verne an Olivier Dartevelle

## Klassik Aktuell




De Bléck op d'Aktualitéit an der klassescher Musek zu Lëtzebuerg, an der Groussregioun an och international

Mam:

Christophe Mirkes | Luc Boentges | Marie Trussart | Lex Kauffmann



*Jules Verne (Foto: Unsplash / Alejandro Pinero Amerio)*

## Jules Verne an Olivier Dartevelle

LAUSCHTEREN

5 min

25.09.2025 - 09h40

"In 80 Tagen um die Welt", eng Geschicht, déi déi meescht entweder vum Buch oder vum Film kennen. Dem Jules Verne seng fantasievoll Erzielunge begeeschtere Mënsche ronderëm d'ganz Welt. Ee vun de Passionéierten ass den Olivier Dartevelle. Hien huet "Un certain Docteur Ox ... d'après Jules Verne" komponéiert. Um Concert de 30. September an der Philharmonie wäert hien awer net am Public setzen an der Philharmonie, mee hien huet och d'Roll vum Erzieler op der Bün. Mat him trëtt d'Kammerata Luxembourg op, déi domadder hire 40. Gebuertsdag grouss feieren.

Klassik Musek

Presentéiert vum

Marie Schockmel

29.09.2025

Link : 29. September - 03. Oktober

## Agenda




Zweemol d'Woch presentéiert d'Ekipp vum opus eng Selektioun vun deene Kulturevenementer, déi besonnesch ervirstiechen.



*(Foto: Pixabay)*

## 29. September - 03. Oktober

29.09.2025 - 10h40

29. September um 19:30 an der Philharmonie

LetsBaRock - Jakub Józef Orliński & Aleksander Jan Dębicz

30. September & 02. Oktober um 19:30 am Groussen Theater

Sensorial Symphonies vun der Elisabeth Schilling

30. September um 19:30 an der Philharmonie

Le Docteur Ox - Kammerata Luxembourg

01. Oktober um 19:30 am Centre national de littérature zu Miersch

Uropféierung vum Ivan Boumans - David John Pike (Bariton), Jean Muller (Piano), Myriam Sunnen (Conferencière)

02. Oktober um 19:30 an der Philharmonie am Kammermuseksall

Steinway History in Concert mam Jean Muller & Cathy Krier

03. Oktober um 19:30 an der Philharmonie am Groussen Auditorium

Wagner's Legacy - Leopold Hager Celebrating 90

Klassik Musek

Presentéiert vum
Carole Mallinger-Leyers

Chronicle.lu

25.10.2025

Link : Kammerata Luxembourg Announces MusicDays Vianden 2025 Programme

# Kammerata Luxembourg Announces MusicDays Vianden 2025 Programme

Published on Saturday, 25 Oct 2025 14:02 by SM

SHARE THIS ARTICLE: RATE THIS ITEM:




Kammerata Luxembourg Asbl has announced that the sixth edition of MusicDays Vianden will take place from Sunday 2 to Sunday 9 November 2025.

The organisers have said that the event will feature a mix consisting of jazz, vocal music and children's musical theatre, with performances taking place in *"unique places"* which *"will amaze"* attendees.

MusicDays will commence on Sunday 2 November at 17:00 with a performance by the Calmus Ensemble Leipzig with Maurice Clement (organ) at the Trinitaires Church, with a programme ranging from the Renaissance to romantic and contemporary vocal music.

On Thursday 6 November at 19:30, the concert *Der Ruf des Horns* will offer works by Mozart, Brahms, Reuter and Kurtág at Vianden Castle.

The Anaphora Trio will perform at the Old Cinema on Friday 7 November at 20:00, presenting a jazz evening mixing hnoid rhythms, improvisation and non-European influences.

Subscribe Now

children and families, *Coppélia - Eng ongewéinlech Popp*, a musical and choreographic story full of imagination, will e place on Sunday 9 November at 09:30 and 11:15 at Vianden Castle.

closing concert on Sunday 9 November at 17:00 will bring together Mozart's clarinet quintet, imbued with intimacy, d Strauss' incisive sequel *Le Bourgeois gentilhomme* at Vianden Castle, for a final meeting of sound finesse and stylistic nement as old and modern, poetry and play enter into dialogue.

Ticket information and details of the full programme can be found at https://www.musicdays.lu/fr.


Kammerata Luxembourg


VILLE DE VIANDEN


Calendrier communal d'événements

Link : [Events - Page 5 à 18 - Commune de Vianden]









Kammerata Luxembourg

# Télécran

29.10.2025

Link : N.A.

MusicDays in Vianden

## Von Orgelklängen bis Jazz

Die 1985 gegründete Kammerata Luxembourg hat sich innerhalb von 40 Jahren einen festen Platz in der Kulturlandschaft erobert. Vom 2. bis 9. November organisiert das Ensemble die MusicDays in Vianden. Das Calmus Ensemble Leipzig eröffnet das Festival gemeinsam mit Maurice Clement (Orgel) in der Trinitarierkirche. Im Schloss folgt das Konzert „Der Ruf des Horns" mit Werken von Mozart, Brahms, Reuter und Kurtág. Das Anaphora Trio lädt zu einem Jazzabend ins Ancien Cinéma ein. Für Kinder und Familien wird „Coppélia – Eng ongewéinlech Popp" als musikalisch-tänzerische Geschichte aufgeführt. Im Abschlusskonzert treffen Mozarts Klarinettenquintett und Strauss' Suite „Der Bürger als Edelmann" aufeinander. Tickets unter www.musicdays.lu.

**„MusicDays"**. Schloss, Ancien Cinema und Trinitarierkirche, Vianden. Vom 2. bis 9. November



**Das Calmus Ensemble Leipzig eröffnet gemeinsam mit dem Organisten Maurice Clement das Festival am 2. November.**

Foto: Anne Hornemann

opus 100,7

31.10.2025

Link : Music Days Veianen 2025

## Kuerz ugestëmmt




Eng kuerz Nouvelle aus der Welt vun der Klassik oder aus anere Beräicher



*Veianen Schlass (Foto: Pixabay)*

## Music Days Veianen 2025

LAUSCHTEREN ▶

2 min

31.10.2025 - 09h20

Matzen a Lëtzebuerg Jazz, Vokalmusek oder Musekstheater live erliewen. An dat och nach an enger historescher Location. Dat gëtt zu Veianen ugebueden, wou fir déi mëttlerweil 6. Kéier d'Music Days stattfannen. Organiséiert gëtt dëse Festival eng Woch laang vun dësem Sonndeg u vun der Kammerata Luxembourg.

Allegeurten d'Infoen zu de Präisser an och de Concerte selwer, déi fannt Dir ënner www.musicdays.lu.

Klassik Musek

Presentéiert vum
**Lex Kauffmann**

06.11.2025

Link : Veianer MusicDays

## Klassik Aktuell




De Bléck op d'Aktualitéit an der klassescher Musek zu Lëtzebuerg, an der Groussregioun an och international

Mam:

Christophe Mirkes | Luc Boentges | Marie Trussart | Lex Kauffmann



*Ernstes Spiel Gespielter Ernst (Foto: Bohumil Kostohryz)*

## Veianer MusicDays

4 min

LAUSCHTEREN

06.11.2025 - 09h40

Déi 6. Editioun vun de Veianer MusicDays ass dëst Joer bis den 9. November. D'MusicDays verwandelen all Joer d'Stad Veianen an eng grouss Bün, op där een eppes fir all Goût entdecke kann: am Schlass, am Ale Kino oder och an der Trinitanerkierch. D'Sandrine Cantoreggi, Geiistin a Presidentin vun der Kammerata Luxembourg, erzielt méi iwwer de Programm vun de Concerten.

Fräizäit | Klassik | Musek

Presentéiert vum

Marie Trussart

opus 100,7

23.11.2025

Link : D'Kammerata Luxembourg feiert 40 Joer

## Concert




Live-Matschnëtt vun engem klassesche Concert, gespillt vun engem Orchester oder Ensembel.

Mam:
Christophe Mirkes | Guy Engels | Luc Boentges | Marie Trussart | Remy Franck



*Kammerata Luxembourg (Foto: www.kammerata.lu)*

# D'Kammerata Luxembourg feiert 40 Joer

23.11.2025 - 12h10

D'Kammerata Lëtzebuerg feiert op dësem Concert hire 40. Anniversaire mat Onslow an Dartevelle. Vum Onslow steet mam Nonett, op.77 grouss Kammermusek fir 9 Instrumentalisten um Programm. Vum Olivier Dartevelle gëtt et eng musikalesch Fantaisie iwwer dem Jules Verne seng Kuerzgeschicht "Le Docteur Ox".

Programm:

Olivier Dartevelle (*1957): Un Certain Docteur Ox ...

George Onslow (1784-1853): Nonett a La mineur, op.77

Interpreten:

Markus Brönnimann, Flütt

Max Mausen, Klarinett

Philippe Gonzalez, Hautbois

François Baptiste, Fagott

Leo Halsdorf, Cor

Sandrine Cantoreggi, Gei

Susanne Martens, Braatsch

Pierre Fontenelle, Cello

Choul-Won Pyun, Kontrabass

Béatrice Rauchs, Piano

Olivier Dartevelle, Erzieler a Komponist

Dëse Concert gouf den 30. September 2025 am Kammermuseksaal vun der Philharmonie opgeholl.

D'Opnam ass bis den 22. Dezember disponibel.

Concert Klassik Musek

Presentéiert vum
Christophe Mirkes

26.12.2025

Link : [Wann de Cor rifft]

## Concert




Live-Matschnëtt vun engem klassesche Concert, gespillt vun engem Orchester oder Ensembel.

Mam:

Christophe Mirkes | Guy Engels | Luc Boentges | Marie Trussart | Remy Franck



Kammerata Luxembourg (Foto: Bohumil Kostohryz)

## Wann de Cor rifft

26.12.2025 - 12h08

Haut gi mir dem Ruff vum Cor no, an zwar bis op d'Schlass op Veianen. Hei huet de Lëtzebuerger Cornist Leo Halsdorf zesumme mat der Kammerata Luxembourg ee Concert am Kader vun de Veiner MusicDays gespillt.

De Cor huet scho viru Joerhonnerten seng Plaz an der Gesellschaft ageholl, sief dat fir Warnsignaler an der Stad ze verbreeden oder bei der Juegd, deemools nach als sougenannten Naturhorn. Eréischt Ufank vum 19. Joerhonnert gouf en dunn och zu engem Orchesterinstrument, mat dräi Ventiller, déi et erlaben, méi virtuos Klangfollgen ze spillen.

An där Form héiere mir de Cor och bei dësem Concert, sief dat am Mozart sengem bekannte Corquintett aus dem Joer 1782 oder dem Brahms sengem Trio op.40 a mi bémol majeur - e Bijou am Repertoire vun esou munnchem Cornist. Mat dobäi ass awer och e Wierk vum Lëtzebuerger Pianist a Komponist Marcel Reuter.

Dëse Concert ass e Matschnëtt vun de Veiner MusicDays vum 6. November 2025 a gëtt presentéiert vum Tanja Duprez. Dir fannt en nach bis de 25. Januar 2026 hei an eiser Mediathéik.

Programm:

- Wolfgang Amadeus Mozart - Quintett a mi bémol majeur, K. 407
- György Kurtág - Signs, Games and Messages
- Marcel Reuter - Infra la neve
- Johannes Brahms - Trio a mi bémol majeur, op.40 cor

Interpreten:

- Leo Halsdorf, Cor
- Sandrine Cantoreggi, Gei
- Susanne Martens, Braatsch
- Denis Theis, Braatsch
- Gustav Rivinius, Cello
- Béatrice Rauchs, Piano

Concert Klassik Musek

Presentéiert vum

Tanja Duprez

08.01.2026

Link : Till Eulenspiegel - eemol anescht!

## Klassik Aktuell




De Bléck op d'Aktualitéit an der klassescher Musek zu Lëtzebuerg, an der Groussregioun an och international

Mam:

Christophe Mirkes | Luc Boentges | Marie Trussart | Lex Kauffmann



*Till Eulenspiegel - eemol anescht!*

## Till Eulenspiegel - eemol anescht!

LAUSCHTEREN ▶

4 min

08.01.2026 - 09h40

D'Kammerata Luxembourg proposéiert e Concert mat der Iwwerschrëft "Till Eulenspiegel - eemol anescht!". Mat dobäi zwou Clowninnen, déi d'Museker sécher méi wéi eng Kéier wärend der Opféierung iergere wäerten. Si guidéiere Grouss a Kleng duerch een Nomëtteg voller musikalescher, mee fir ee Clown och typesch tollpatschege Momenter.

Klassik Musek

Presentéiert vum

Lex Kauffmann

opus 100,7

16.01.2026

Link : Dat sinn déi nei Kompositioune fir d'Saison 25/26

KULTURMINISTÈRE DEELT MAT 16.01.2026 - 10h13

# Dat sinn déi nei Kompositioune fir d'Saison 25/26

**De Kulturministère ass zu Lëtzebuerg reegelméisseg op der Sich no neie Kompositiounen. Domat sollen d'Komponistinnen an d'Komponisten zu Lëtzebuerg ënnerstëtzt ginn. Fir d'Saison 2025/26 goufen elo aus insgesamt 25 Bewerbungen, 10 Komponistinnen a Komponisten zeréckbehalen.**

1 min



*(Foto: Pixabay)*

De Kulturministère ass zu Lëtzebuerg reegelméisseg op der Siich no neie Kompositiounen. Domat sollen d'Komponistinnen an d'Komponisten zu Lëtzebuerg ënnerstëtzt ginn.

Fir d'Saison 2025/26 goufen elo aus insgesamt 25 Bewerbungen, 10 Komponistinnen a Komponisten zeréckbehalen:

- Raoul Christophe fir de Luxembourg Jazz Orchestra
- Olivier Dartevelle fir d'Militärmusek
- Dylan Fixmer fir d'Luxembourg Philharmonic Academy
- Gilles Heinisch fir United Instruments of Lucilin
- Christophe Mirkes fir d'Kammerata Luxembourg
- Jeannot Sanavia fir den Ensemble Vocal du Luxembourg
- Max Serra fir den Orchester Estro Armonico
- Kerry Turner fir d'Solistes Européens, Luxembourg
- Roland Wiltgen fir de Luxembourg Philharmonic
- Tatsiana Zelianko fir den Orchestre de Chambre du Luxembourg (OCL)

Dobäi kommen zwee weider Opträg, déi duerch extern Kompositiounsconcoursen zu stane komm sinn.

Den Optrag fir d'Kompositioun vun dem Marche Grand-Duc Guillaume goung un de Militärmuseker a Komponist Georges Sadeler.

Ee weideren Optrag aus dem Concours vun der Maîtrise Sainte-Cécile vun der Stater Kathedral goung un de Roland Wiltgen fir d'Kompositioun "domine salvum fac"

Insgesamt ginn et fir d'Kompositiounen 56.500 Euro Budget.

Dat geet aus dem Schreiwes vum 16.01.2026 vum Kulturministère ervir.

Auteuren
Lex Kauffmann

opus 100,7

05.02.2026

Link : Harfekläng mat fantasteschen Erzielungen

## Klassik Aktuell




De Bléck op d'Aktualitéit an der klassescher Musek zu Lëtzebuerg, an der Groussregioun an och international

Mam:
Christophe Mirkes | Luc Boentges | Marie Trussart | Lex Kauffmann



*(Foto: Bohumil Kostohryz)*

## Harfekläng mat fantasteschen Erzielungen

LAUSCHTEREN ▶

4 min

05.02.2026 - 09h40

Et ass ee Concert voller Fantasie mat Wierker vum André Caplet, dem E.T.A Hoffmann, Jacques Ibert an och dem Lëtzebuerger Komponist Markus Brönimann. All Kéiers mat Elementer, déi der Fantasie fräie Laf loossen. Op der Bün steet nieft de Kammermuseker vun der Kammerata Luxembourg och d'Instrument Harf am Mëttelpunkt mat der jonker Harfenistin Chanel Perdichizzi. Si iwwerhëlt de musikalesch-erzielleresche Part. Ma et gëtt awer och nach een zweeten Erzieler: den Neven Nöthig.

Klassik | Musek

Presentéiert vum
Lex Kauffmann

opus 100,7

11.02.2026

Link : Kammerata Luxembourg am Veianer Schlass

## Concert




Live-Matschnëtt vun engem klassesche Concert, gespillt vun engem Orchester oder Ensembel.

Mam:

Christophe Mirkes | Guy Engels | Luc Boentges | Marie Trussart | Remy Franck



*Kammerata Luxembourg 2025 (Foto: Bohumil Kostohryz)*

## Kammerata Luxembourg am Veianer Schlass

11.02.2026 - 20h00

E Concert aus dem Veianer Schlass mat der Kammerata Luxembourg, ganz ënner dem Motto "Ernstes Spiel - gespielter Ernst". Um Programm steet ee Klarinettequintett vum Mozart an "Der Bürger als Edelmann", e Mix aus Comedie a Ballet vum Richard Strauss. De Concert, presentéiert vum Marie Schockmel, kennt Dir bis den 13. Mäerz 2026 an der Opus Mediathéik nolauschteren.

Programm:

- Wolfgang Amadeus Mozart: Quintett fir Klarinett a La Majeur, K. 581

Klarinett, 2 Geien, Braatsch, Cello

- Richard Strauss: Der Bürger als Edelmann, Suite op.60 (arr. Andreas Luca Beraldo)

Flütt, Klarinett, Gei, Cello a Piano

Interpreten:

- Markus Brönnimann, Flütt
- Arthur Stockel, Klarinett
- Sandrine Cantoreggi, Gei
- Isabel van Grysperre, Gei
- Susanne Martens, Braatsch
- Gustav Rivinius, Cello
- Béatrice Rauchs, Piano

Concert Klassik Musek

Presentéiert vum

Marie Schockmel

26.03.2026

Link : Kammerata Luxembourg & Kopla Bunz: Den inklusive Projet „Kichegerabbels" - RTL Lëtzebuerg

Kammerata Luxembourg & Kopla Bunz

# Den inklusive Projet „Kichegerabbels"

Isabelle Gillen

**Wéi eng Geräischer a Beweegunge maache verschidden Objeten an der Kichen? Wéi gi Croissante gebak a wéi kann een esou eng Seance musikalesch mat engem Orchester begleeden?**

Update: 26.03.2026 12:06



**Den inklusive Projet „Kichegerabbels"**

Wéi eng Geräischer a Beweegunge maache verschidden Objeten an der Kichen? Wéi kann een esou eng Seance musikalesch mat engem Orchester begleeden?

Bei „Kichegerabbels", dem neien inklusive Projet vu Kammerata Luxembourg a Kopla Bunz, erwächt eng Kichen, mat all hiren Elementer, wuertwiertlech zum Liewen a gëtt dobäi musikalesch ënnerluecht.

„Kichegerabbels" baséiert um tschechesche Komponist Bohuslav Martinů sengem Ballet „La revue de cuisine", an deem et och zum Deel ëm Kiche geet. Ballet gëtt hei zwar kee gedanzt, ma d'Betsy Dentzer, déi als Solo-Performerin op der Bün weist, wéi ee gefëllte Croissante béckt, ënnerhält de Public awer ronn eng Stonn laang mat lëschtege Spillereien, déi déi ënnerschiddlechst Objeten a Liewensmëttel aus der Kichen zum Liewen erwäche loossen. Nëss fänken bemol un an der Luucht ze schwiewen, e Läffel réiert selwer an der Pan an de Bliederdeeg fir d'Croissante flitt als Mound duerch de Sall.

Fir Kammerata Luxembourg a Kopla Bunz war et mat „Kichegerabbels" besonnesch wichteg, eng inklusiv Produktioun op d'Been ze stellen, déi fir all Alter a virun allem och fir Mënsche mat enger geeschteger Aschränkung geduecht ass. Et géif oft vergiess ginn, dass net jiddereen déi nämmlecht Usprëch un den Theater, Concerten a Co. huet an dofir wollt een dat bei dëser Produktioun anescht maachen.

Dofir gëtt eng sougenannte „relaxed Performance" ugebueden, déi de Visiteure méi Fräiraum loosse soll, sech esou am Sall ze placéieren a beweegen ze kënnen, wéi ee wëllt. D'Luuchte ginn net ganz aus am Sall, esou dass ee seng Begleetpersoun einfach erëm fënnt, d'Spectateure kënne um Buedem, op Still oder Kësse sëtzen, ronderëm trëppelen, danzen a kréie souguer Stressbäll, oder Noise-cancelling-Kopfhörer zur Verfügung gestallt, fir d'Erliefnis esou angeneem wéi méiglech ze maachen.

Et kann awer och soss jiddereen, dee „Kichegerabbels" gär wëll kucke goen, op eng vun den zwou Virstellungen am Trifolion zu Iechternach kommen. Nieft der „relaxed Performance" gëtt och eng standardiséiert Virstellung ugebueden.

De 25. a 26. Mäerz gëtt „Kichegerabbels" am Trifolion gewisen. D'Stéck soll awer an der nächster Saison och am Cube521, dem Escher Theater an am Kinneksbond gespillt ginn.

14.04.2026

Link : Wayfarer and Wine

## Klassik Aktuell




De Bléck op d'Aktualitéit an der klassescher Musek zu Lëtzebuerg, an der Groussregioun an och international

Mam:

Christophe Mirkes | Luc Boentges | Marie Trussart | Lex Kauffmann

## Wayfarer and Wine

4 min

LAUSCHTEREN

14.04.2026 - 09h40

Dëse Sonndeg, den 19. Abrëll um 5 Auer nomëttes ass am Centre des Arts Pluriels Ettelbréck den nächste Concert vun der Serie Music & Wine. D'Kammerata Luxembourg presentéiert e Programm ënner dem Titel Wayfarer & Wine. Et ass eng musekalech Rees, ugefaange mam Gustav Mahler senge "Lieder eines fahrenden Gesellen", bis hin zu de Grenze vun der Tonalitéit mam Arnold Schönberg senger Kammersinfonie.

De Klarinettist Max Mausen an d'Geiistin Sandrine Cantoreggi verroden, wat de Lien tëschent deene verschidde Wierker um Programm ass a wat den Titel Wayfarer bedeit.

Klassik | Musek

Presentéiert vum

Marie Trussart

### Episoden



**Uropféierung vun neier Kompositioun vum Pascal Schumacher** Gëschter - 09h40

United Instruments of Lucilin organiséiert e Weekend mat Musek a Literatur zu Rëmerschen an der Fondation Valentiny

5 min

Kammerata Luxembourg

Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

24.02.2026

Link : N.A.

## Am 19. April im Cape in Ettelbrück

# Kammerata Luxembourg spielt Gustav Mahler

Gustav Mahler, einer der »Väter der Moderne«, wurde von Komponisten wie Arnold Schönberg und seinen Schülern (u.a. Anton Webern) bewundert. Von Mahler kennt man, mit Ausnahme des einsätzigen Klavierquartetts, keine Kammermusik.

Allerdings existiert eine Skizze zu einem weiteren Satz, die Alfred Schnittke als Grundlage für sein eigenes Klavierquartett diente. Schönberg wiederum gründete 1918 in Wien den Verein für musikalische Privataufführungen, um zeitgenössische Kammermusik einem interessierten Publikum zugänglich zu machen.

In diesem Kontext arrangierte er selbst Mahlers Liederzyklus »Lieder eines fahrenden Gesellen« für kammermusikalische Besetzung. Auch Anton Webern wirkte im Geist dieser Idee: Seine Bearbeitung der Ersten Kammersinfonie reduziert das ursprünglich 15-köpfige Ensemble auf nur fünf Instrumente, um eine Aufführung im Rahmen dieses Vereins zu ermöglichen.

Am 19. April wird das Ensemble Kammerata Luxembourg das Klavierquartett sowohl von Gustav Mahler als auch von Alfred Schnittke spielen. Darüber hinaus werden die »Lieder eines fahrenden Gesellen« von Mahler zu hören sein sowie die Kammersinfonie von Arnold Schönberg.

Dieses Programm findet im Rahmen der Reihe »Music & Wine« statt, in der das Publikum neben Musik eine besondere Kombination aus sorgfältig kuratierten Weinverkostungen oder alkoholfreien Alternativen erwartet.

Musik ist Erleben im Moment – ebenso wie Geschmack. Beides ist live, jenseits der Sprache, berührt auf Gefühlsebene und lässt sich nicht reproduzieren. In diesem Konzert kommen diese beiden sinnlichen Welten zusammen.

Das Gehirn verknüpft die Signale von Zunge (Geschmack), Nase (Geruch) und Ohren (Geräusch) zu einem Gesamteindruck. Der Klang ist somit ein Mitspieler beim Geschmackserlebnis. Eine faszinierende Wechselwirkung, die in dieser Reihe bewusst ins Zentrum gerückt wird.

Der Winzer Georges Schiltz, der seine Weine an der Sauer produziert, begleitet die Konzerte dieser Reihe persönlich. Im engen Austausch mit den Künstlern entwickelt er für jedes Konzert ein individuelles Geschmackserlebnis – mal kraftvoll, mal fein, immer im Dialog mit dem Programm.

Die Verkostung findet je nach Konzept vor, nach oder sogar mitten im Konzert statt.

Die Kammerata ist ein renommiertes, 1985 gegründetes Kammermusikensemble, ursprünglich KammerMusek-Veräin Lëtzebuerg, das für seine vielseitigen Programme aus zeitgenössischer, klassischer und romantischer Musik bekannt ist. Es fungiert als flexibles Kollektiv, fördert luxemburgische Komponisten durch Auftragswerke und tritt sowohl in Luxemburg als auch in der Nachbarregion auf.

Sonntag, 19. April, 17 Uhr. Dauer: 90 Minuten. Preis: 31 Euro, ermäßigt 15.50 Euro. Cape, 1, Place Marie-Adélaïde, Ettelbrück.

